ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Baussen- an Europaminister an un den Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheete weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 4312 vum 19.5.2021 iwwer d'Mënscherechtssituatioun am Nicaragua an déi bilateral Kooperatioun tëscht Managua a Lëtzebuerg schreiwen d'Häre Minister: "*Als Reaktioun zu der politescher Kris, déi am Abrëll 2018 ugefaangen huet, huet Lëtzebuerg deemools entscheet, den neien Indikative Kooperatiounsprogramm (PIC IV) mam Nicaragua net ze ënnerschreiwen. Zousätzlech sinn direkt Ausbezuelungen un d'nicaraguanesch Regierung ënnerbrach ginn. D'Lëtzebuerger Kooperatioun huet decidéiert, dass déi bilateral Kooperatioun mat der Regierung gestoppt gëtt bis et eng bedeitend Verbesserung vun der Mënscherechtssituatioun a Fortschrëtter am Hibléck op eng friddlech politesch Transitioun gëtt.*"

No de Walen am Nicaragua (November 2021), déi net deenen internationalen Demokratie-Normen entsprach hunn, huet den Här Entwécklungsminister an der Chamber matgedeelt, datt Lëtzebuerg seng Ambassade zu Managua zougemaach hätt, mee datt eist Land weiderhin, iwwer de Wee vun NGOen, der Zivilbevëlkerung am Nicaragua géif ënner d'Äerm gräifen, besonnesch um Niveau vun der Ernierungshëllef an der Educatioun.

Parallel zu de Repressioune vun der nicaraguanescher Regierung géint Medien a géint Oppositiounspolitiker huet sech awer och d'Situatioun vun de Chrëschten, a ganz besonnesch vun der kathoulescher Kierch, am Nicaragua verschlechtert. Um Sitt vun "Kirche in Not" liest een: *"Seit 2018 hat die katholische Kirche in Nicaragua rund 200 gewaltsame Übergriffe erlitten. (...) Die religionsfeindlichen Handlungen umfassen Brandstiftungen und Plünderungen von Kirchen, darunter einen Brandanschlag auf die Kathedrale der Hauptstadt Managua Ende Juli 2020, sowie Repressalien gegen Geistliche unter dem Regime von Nicaraguas Präsident Daniel Ortega."* (Quell: https://www.kirche-in-not.de/allgemein/aktuelles/nicaragua-steht-an-der-spitze-religioeser-verfolgung-in-lateinamerika/)

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Häre Minister:

1) Wéi beurteelt d'Regierung am Ablack den Zoustand vun der Demokratie a vum Rechtsstaat am Nicaragua, besonnesch och am Hibléck op déi fräi Reliounsausübung?

2) Huet sech d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung géintiwwer dem aktuelle Regime säit de Walen (November 2021) geännert? Wa jo, a wéiwäit?
3) Ënner wéi enge Bedingunge wier Lëtzebuerg bereet, déi bilateral Kooperatioun mat der Regierung zu Managua erëm opzehuelen? Gehéiert zu deene Bedingungen och eng Verbesserung vun der Situatioun vun der kathoulescher Kierch a vun de Chrëschten am Nicaragua?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten